

M. Gilles Baum (DP) | Wëllkomm an der Majoritéit.

M. Claude Wiseler, Président | D'Wuert ass elo fir den Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Jo, also mir hunn dat duerchgelies an et ass ok fir eis. Ech mengen, do steet en Delai vun zwee Joer fir ze analyséieren. Ech mengen, no sechs Méint scho gesäit ee jo, ob dat mam Personalschlüssel fonctionéiert oder net. Ech mengen, do brauche mer keng dräi Joer derfir. An et ass ok. Bon, ech si vläicht e bëssen naiv, mee ech mengen, datt de Ministerium automatesch warscheinlech e Follow-up mécht an ech hoffen, datt se déi dräi Saache souwisou scho maachen. Mee ech mengen, et kann net schueden, dat explizitt nach eng Kéier ausformuléieren. An duerfir wäerte mir derfir stëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig. D'Madamm Minella.

Mme Mandy Minella (DP), rapportrice | Villmools merci. De Minister huet zu de Punkte vun der Motioun scho seng Erklärungen ginn. Dofir soen ech am Numm vun der DP-Fraktioun, dass mir dës Motioun net matstëmmen.

Une voix | O!

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Morgenthaler.

Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Merci. Ech hat virdu schonn a mengen Ausföerunge gesot, dass mer hannert där Motioun, déi beim éischte Vott scho war, géife stoen. An dofir géife mer bei dëser och dergéint stëmmen.

M. Sven Clement (Piraten) | Dir kënnt Iech och mat eis enthalten. Dat ass kee Problem.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Marc Baum huet nach d'Wuert gefrot.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, et ass eng Motioun, wéi mer der ganz dacks hei hunn an déi effektiv Sënn mécht, déi engersäits eng Evaluatioun freet, ... Ob dat elo zwee oder dräi Joer sinn, dat ass awer elo, mengen ech, wierklech e bësse Méckepéilerei, virun allem, well effektiv, wéi de Mars Di Bartolomeo virdu zu Recht gesot huet, no dräi Méint konnt dat hei esou evaluéiert ginn, datt een huet missen Ännerunge maachen, soudatt ech mengen, datt déi zwee Joer awer rasonabel sinn.

Et geet awer virun allem och drëm, fir Mesüren ze huelen, wat de Finanzement ugeet, an déi grouss Fro vun der Strategie, do ass et müesseg, mengen ech, ze soen, wien an der Majoritéit a wien an der Opposition ass, well et ass nämlech och eng Fro, déi net nëmmen de Familljeministère betrëfft. Et ass och eng Fro, déi de Santéministère betrëfft. Evidenterweis, esou Strategien ... Wat d'Penurië vu Personal ugeet, ass et iwwerhaapt bei sozioedukativem Personal, wou mer am Moment zu Lëtzebuerg grouse Mangel hunn. A wat de Mangel méi grouss gëtt, wat de Besoin vun enger Strategie och méi grouss gëtt, soudatt ech mengen, datt déi dräi Punkten, déi d'Madamm Delcourt hei opgeschriwwen huet, absolutt Sënn maachen. An duerfir wäerte mir dat hei och ënnerstëtzen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Dann huet nach d'Madamm Welfring d'Wuert gefrot.

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Jo, merci. Ech probéieren, dës Kéier méi haart ze schwätzen. Mir kënnen dës Motioun natierlech matënnerstëtzen. Ech denken, dass et ganz wichteg ass, wéi ech virdu gesot hunn, dass mer hei en An drop behalen, wéi dat Gesetz sech ëmsetze léisst, dass mer och op

de Secteur lauschteren, souwuel déi Leit, déi an de professionelle Strukture schaffen, wéi och déi Leit, déi do betreit ginn, well soubal do eppes net richtig leeft, muss och reagiert ginn. An ech denken, dass et dofir net kann dräi Joer daueren an dass een an der Kommissioun och muss reegelméisseg do de Bilan maachen innerhalb vun deenen dräi Joer, well ech mengen, soss lafe mer do awer a Problemer eran, wann do muss korrigéiert ginn.

Voilà, merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring. Ech gesinn elo keng weider Wuertmeldung.

Da géife mer zum Ofstëmme vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass elo ofgeschloss.

(Brouhaha)

Ech hunn hei stoen: Jo-Stëmmen: 22, Nee-Stëmmen: 34 – dann zielen ech der Madamm Kemp hir derbäi –, 35, an Abstentiounen: 3. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 35 Nee-Stëmme géint 22 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 23 voix pour, 34 voix contre et 3 abstentions.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt épouse Kemp;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;

MM. François Bausch (par Mme Sam Tanson), Meris Sehovic (par Mme Joëlle Welfring), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mme Diane Aehm, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel.

Se sont abstenus: MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement).

13. 8282 – Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Cabo Verde pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 13 janvier 2022

Nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 8282 iwwert d'Konventioun tëscht Lëtzebuerg an dem Cap Vert iwwert d'Ofschafe vun der duebeler Besteuerung an d'Preventioun vu Steuerhannerzüung. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeloucht

an deemno folgendermoossen opgedeelt: 10 Minutten fir de Rapporteur, 5 Minutten fir jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit an 10 Minutten fir d'Regierung. Et si schonn ageschriwwen: den Här Guy Arendt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An elo huet de Rapporteur, den honorabelen Här Laurent Mosar, d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm an Här Minister, an dësem Projet de loi geet et drëms, dat Duebelbesteuerungsofkommes mam Cap Vert ze approvéeieren. Dëst Ofkommes ass a sech schonn den 13. Januar 2022 ënnerschriwwen ginn.

Et ass en extreem wichtegt Ofkommes, och am Kontext vun de bilaterale Relatiounen – déi, wéi Der alleguerter wësst, exzellent sinn – zwëschen dem Cap Vert a Lëtzebuerg. Et sief och nach bemierkt, datt de Cap Vert e Pays cible vun eiser Kooperatioun ass. An an deem Sënn ass och sécherlech dësen Accord en nützlich Instrument.

Ausserdeem hu mer eng grouss kapverdianesch Communautéit och an eisem Land. An an deem Sënn ass och dësen Duebelbesteuerungsaccord vu grousser Wichtigkeet.

A sech ginn an dësem Accord d'Virgäbe vun der OECD ëmgesat. Dat sinn ëmmer déi traditionell Virgaben, déi mer och an deenen aneren Duebelbesteuerungsofkommesen erëmfannen. Allerdéngs ass dat heiten en Accord vun der neier Generatioun an deem Sënn, datt och d'Fong mat dra sinn, wat jo och fir d'Finanzplaz net onwichtig ass.

Zu den Avisen. D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis dëst Duebelbesteuerungsofkommes begreiss. De Staatsrot huet a sengem Avis keng weider Umierkungen zum Inhalt gehat.

Wat elo d'Prozedur betrëfft, ass dës Projet de loi den 20. Juli 2023 vum Ausseminister deposéiert ginn. Den Avis vun der Chambre de Commerce koum den 10. Oktober 2023 (veuillez lire: de 25. September 2023). An der Finanzkommissioun vum 19. Januar 2024 gouf de Projet presentéiert. Ech gouf zum Rapporteur ernannt a mir hunn och do den Avis vum Staatsrot a vun der Chambre de Commerce examinéiert. An de Rapport gouf an der Kommissiounssitzung vum 2. Februar 2024 ugeholl. Souwäit dat, wat mäi Rapport betrëfft.

Dann dinn ech, Här President, och kuerz meng Kap als mandatéierte Spriecher vun der CSV un, fir nach eng Kéier ze bemierken, datt mir natierlech als Fraktioun dëst Ofkommes ausdrécklech begreissen. Et ass wichteg, datt mer domadder och d'Netzwerk vun den Duebelbesteuerungsofkommesen, déi eist Land mat senger Partnerlänner mécht, méi grouss maachen.

Ech mengen, mir sinn eis och allegueren eens, datt d'Duebelbesteuerungsofkommes e wichtegt Instrument vun der Attraktivitéit a vun der Kompetitivitéit vun eiser Lëtzebuergescher Wirtschaft ass. A mir begreissen, datt an Zukunft och nach weider esou Ofkommesen mat anere Partnerlänner wäerten ofgeschloss ginn.

Dëst gesot, ginn ech heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun an ech soen Iech Merci fir Är Opmerk-samkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Mosar, fir Är schrëftlechen an Äre mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Guy Arendt. Här Arendt.

Discussion générale

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Madamm Minister, Här Minister, léif Kolleegen, de Cap Vert ass ee vun eisen Haaptpartner an der Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht a mir hunn och eng gréisser kapverdianesch Communautéit hei zu Lëtzebuerg, mat där mer wirklech frëndschaflech verbonne sinn.

De President vum Cap Vert huet d'lescht Joer zu Lëtzebuerg eng Staatsvisitt gemaach, wat natierlech derzou bäigedroen huet, dass déi bilateral Relatiounen tëschent deenen zwee Länner gestärkt gi sinn.

Mat dëser Konventioun gëtt et elo e Stéck méi einfach, fir zesummen Handel ze bedreiwen à pied d'égalité. An deem Sënn kënne mir als DP-Fraktioun nëmmen eisen Accord ginn zu dësem Text.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Dann huet d'Wuert elo: den Här Franz Fayot. Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Här President, all Duebelbesteierungsofkommes ass eng gutt Saach fir eist Land, well mer effektiv doduerch eisen Aussenhandel weiderbréngen. Mee hei ass et effektiv mat engem spezielle Land, wou mer en Duebelbesteierungsofkommes maachen, wéi dat elo scho gesot ginn ass vum Rapporteur an och vum Guy Arendt. Hei ass en Accord mam Cap Vert, e laangjäregt Partnerland vun der Lëtzebuerger Kooperatioun, säit 1993, wat eng remarkabel Evolutioun matgemaach huet säit der Independance 1975, wou mer och als Lëtzebuerg, mengen ech, vill Meritt hunn an där Zesummenaarbecht, déi mer mat hinne gemaach hunn.

Mir hu gehollef, déi Insel ze electrifiéieren, mir hunn am Beräich vum Waasser, vum Assainissement, ganz villes gemaach. Mir hunn och am Beräich vun der Educatioun a vun der professioneller Formatoun mat hinnen zesummen dat Land wäit weiderbruecht, sou dass se haut wirklech eng remarkabel Evolutioun do gemaach hunn. Haut si mer och aktiv mam Cap Vert am Beräich vun den erneierbaren Energien. An et ass effektiv eent vun deene Länner, wou een och kann eng wirtschaftlech Kooperatioun an d'Ae faassen.

Dat ass net mat all eise Kooperatiounslänner méiglech, mee mam Cap Vert ass et eng Méiglechkeet. An ech war ëmmer der Meenung, als Kooperatiounsminister, dass an deene Länner, wou dat méiglech ass, mer dat och solle maachen. An dass mer dat solle maachen op Aenhéicht, dat heescht, dass mer net sollen eng Aide liée maachen, mee dass do, wou et eng Méiglechkeet gëtt, mer effektiv déi Geleeeënheet sollen huelen.

Mat dësem Duebelbesteierungsofkommes maache mer effektiv déi Dieren op, fir souwuel an der Digitalisatioun, an den erneierbaren Energien, an de Start-uppen – well am Cap Vert sinn och Start-uppen – mat hinnen zesummenzeschaffen, awer och am Beräich vun de Fongen. Well mir musse kucken, dass eis Fongenindustrie sech méi fir eis Entwécklungslänner, eis Entwécklungszesummenaarbecht, interesséiert. An do ass natierlech esou eng Duebelbesteierungskonventioun wichteg, fir dass dat och wäert de Fall sinn.

Ech sot: „op Aenhéicht“, well et ass wichteg, dass dat op Aenhéicht geschitt an net aus enger Relation de supériorité. Lëtzebuerg huet 15-mol sou e staarke PIB wéi de Cap Vert. Mir sinn ongeféier an der Taille e vergläichbaart Land, wat eis Demografie ugeet, eis Bevelkerung. An ech mengen, dass een ëmmer muss en Accent drop leeën, dass een dat wirklech à titre d'égalité mécht.

Ech si frou, dass d'Regierung dat, mengen ech, och nach weider esou gesäit. An Ärem Regierungsaccord

gëtt vum enorme Potenzial geschwat vum afrikanesche Kontinent, och mat enger Referenz op d'Matières premières. Abee, ech mengen trotzdem an ech hoffen, dass mer eis ëmmer nach eens sinn, dass mer an där Iddi vun der Aide non liée hei weiderfueren.

An deem Kontext ginn ech dann och ganz gären den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Dann huet elo d'Wuert: den Här Fred Keup. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Geet de Mikro? Hallo.

M. Claude Wiseler, Président | Jo, e geet.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Mir begréissen natierlech als Fraktioun dëst Ofkommes hei ausdrécklech, an dat ëmsou méi, well mer jo haut scho kënne dervu schwätzen, dass mer scho bal historesch gutt Relatiounen hu mat dem Cap Vert an och ganz gutt frëndschaflech Relatiounen mam Cap Vert. A grad dowéinst, mengen ech, huet dat hei och eng ganz besonnesch Bedeitung, déi mer just kënne ënnerstëtzen. An duerfir stëmme mir als ADR-Fraktioun mat Jo.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Dann huet elo d'Wuert: d'Madamm Sam Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Ech ka mech just menge Virriedner uschléissen. Och mir ënnerstëtzen natierlech deenen heiten Accord, dee ganz vill positiv Säiten huet. Ech widerhuelen net alles, wat elo hei scho gesot gouf. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Ech kann et dann nach méi kuerz maachen an einfach Jo soen. Villmools merci.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Dann huet d'Wuert: den Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech maachen et e bësse manner kuerz. Natierlech si mir frou hei zu Lëtzebuerg, wa mer gutt Bezéiungen och op wirtschaftlech Niveau hu mam Cap Vert, engem Land, enger eemoleger portugisesch Kolonie, dat mat der Waff an der Hand seng Independance krut vum Salazar- respektiv Caetano-Regimm, mat deem Lëtzebuerg deemools awer relativ gutt Bezéiungen hat. Dofir solle mer oppassen, dass mer eis awer net ze vill als grouss Helden duerstellen.

Mir wäerten awer géint dëse Projet de loi stëmmen, wéi mer och prinzipiell géint all déi „Duebelnetbesteierungssaccorde“ sinn, wéi ee se richtegerweis misst nennen a wéi den Här Asselborn se och ëmmer genannt huet. Well mir hunn awer weiderhin e Problem domadder, dass een, dee méi wéi 10 % an engem Fong oder an enger Holding investéiert, u sech seng Dividende komplett steierbefreit huet, amplaz déi 15 % Quellesteier ze bezuelen. Dat funktionéiert an zwou Richtungen. Mee mir mengen net, dass déi Proliferatioun, déi mer hu vun „Duebelnetbesteierungssaccorden“, eng gutt Saach ass, a mir mengen, dass dat eischer derzou féiert, dass mer zu enger kompletter Steierbefreiung vun de Kapitalflëss wäerte kommen, déi justement e grouss Problem duerstellt fir Entwécklungslänner.

An et gouf schon eng Etüd viru Joren zu Lëtzebuerg, déi bewisen huet, dass eis Finanzplaz u sech den Entwécklungslänner méi Suen ewechhëlt wéi dat, wat eis Kooperatioun ginn huet. Si ass jo e bëssen zenséiert ginn, well se derangéiert, mee dat ass awer de Fall.

Dat heescht, mir musse ganz gutt oppassen. Mir wënschen eis och Kooperatioun op ekonomeschem Niveau mam Cap Vert, mee mir mengen net, dass dat strictement op Steierbefreiung soll berouen. Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

A dann huet d'Wuert elo: d'Regierung, den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll Merci soe fir déi breet Zoustëmmung. 58 vu 60 Deputéiert, dat ass eng breet Zoustëmmung.

Zweetens wëll ech soen, dass den Här Fayot an dësem Sënn eigentlech dat richteg Wuert gesot huet, nämlech: eng Kooperatioun op Aenhéicht. Mir maachen hei net en Duebelbesteierungsofkommes mat engem einfachen Entwécklungsland. Mir maachen en Duebelbesteierungsofkommes mat engem Partnerland, wat historesch u Lëtzebuerg gewuess ass. An et ass och vun där larger Communautéit vum Cap Vert hei zu Lëtzebuerg geschwat ginn. Et ass effektiv déi largeste Communautéit vum ganzen afrikanesche Kontinent an et sinn net manner wéi 2.600 Leit mat kapverdianescher Nationalitéit, déi zu Lëtzebuerg wunnen.

Den zweete Punkt ass deen: Jo, et entsprécht all de Krittäre vun de sougenannten OECD-Modeller. Et entsprécht och de Krittäre vun den UNO-Konventiounen an deem Beräich. An ech ginn dem Här Wagner do net Recht. Et ass wichteg fir Lëtzebuerg, dass och d'Fongen dodrënner falen. Firwat? Mee well mer iwwert déi Investmentfongen ... Mir sinn deen zweetgréissten Hub vun Investmentfonge weltwäit. Do si 5.000 Milliarden – et ass méttlerweil souguer méi héich – Suen, déi zu Lëtzebuerg ënnert de Fonge gemanaget ginn.

Abee, grad déi Suen, déi kënne zilfürend och an den afrikanesche Länner, besonnesch an dem Cap Vert, investéiert ginn. An dat bréngt souwuel zu Lëtzebuerg natierlech eppes der Industrie, jo, dat soll een zouginn, mee et hëlleft awer och dem Cap Vert, fir seng Ekonomie weider opzebauen. An ech denken do besonnesch un de Beräich vun den erneierbaren Energien. Kuckt emol, mir schwätzen hei alleguerten – oder de Gros vun de Leit haten dat an hirem Walprogramm stoen – vun der sougenannter „nolhalteger Finanzwelt“. Abee, genau dora kënne mer iwwert dee Wee do, Solarenergie, aner Energiequellen, investéieren, wat eng Win-win-Situatioun fir déi zwee Staaten ass. An duerfir ass et och richtig, dass hei d'Fongenindustrie drënner fält.

En drëtten a leschte Punkt ass deen, jo, mir bekenne eis derzou ..., an do ginn ech dem David Wagner net Recht. Ech respektéiere seng Meenung, mee mir hunn als Regierung eng aner Meenung. Mir sinn der Meenung, dass mer als klengt, mee modernt Land, e Land, vun deem mer wëssen, dass dat och vun eiser Finanzindustrie, mee net nëmme vun där, leeft, de Réseau vun den Duebelbesteierungsofkommes weltwäit net reduzéieren, mee méi grouss maache wëllen. An dat zielt!

Mir haten d'leschte Kéier rieds iwwer en Duebelbesteierungsofkommes mat Kolumbien, bei deem ech

d'Chance hat, fir et ze ënnerschreiw. Abee, mir musse present ginn a Südamerika a mer mussen och weider eise Réseau developpéieren op dem afrikanesche Kontinent. Mir hunn de Moment eelef Konventioun vum Duebelbesteierungsofkommessen ënnerschriwwe mat afrikanesche Länner an dovum sinn der aacht schonns a Kraaft. Déi dräi aner, dat ass notamment de Cap Vert ... Ab haut wäert deen dann och, wann dat Gesetz gestëmmt a publizéiert ass, a Kraaft sinn. Da feelen nach Ghana a Ruanda, dee bei eis schonns ofgeschloss ass, mee bei den Autoritéite vum Ruanda nach net. Do ass d'Radifikationsprozedur nach amgaang.

Duerfir ofschléissend nach eng Kéier Merci fir dee breede Support. Dem Här Mosar däerf ech net méi Merci soen. Elo ass dat awer indirekt geschitt. An ech hoffen dann, dass déi breet Zoustëmmung sech och am Vott erëmfënnt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Finanzminister. An domat ass d'Diskussioun dann elo ofgeschloss.

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8282. Den Text steet am Document parlementaire 8282³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8282 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

(Brouhaha)

Ok. De Vott ass elo ofgeschloss.

Den Här Goergen huet och mat Jo gestëmmt. Da sinn et 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmme. Dësen Text ass also ugehall mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schackmel;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;

MM. François Bausch (par Mme Sam Tanson), Meris Sehovic (par Mme Joëlle Welfring), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement).

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

14. 8231 – Projet de loi portant approbation de la Convention mondiale sur la reconnaissance des qualifications relatives à l'enseignement supérieur, faite à Paris, le 25 novembre 2019

Da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour vum haut. Dat ass de Projet de loi 8231, eng Konventioun iwwert d'Unerkennung vum Héichschulqualifikatiounen. D'Riedezäit ass nees eng Kéier nom Basismodell festgeluecht a folgendermoossen opgedeelt: zéng Minutte fir de Rapporteur, fënnf Minutte fir jiddwer Fraktioun oder Sensibilitéit, zéng Minutte fir d'Regierung. Et si schonn ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, d'Madamm Liz Braz, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An den honorabele Rapporteur, den Här André Bauler, huet d'Wuert. Här Bauler.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région

M. André Bauler (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif alleguer, mat dësem Gesetzesprojet, dem 8231, huele mer haut als Parlament déi global Konventioun iwwert d'Unerkennung vum de Qualifikatiounen am Héichschulberäich un. Et handelt sech heibäi ëm en éischten Traité vum de Vereenten Natiounen iwwert d'Héichschulqualifikatiounen, deen eng global, eng weltwäit Relevanz huet. D'Konventioun selwer ass zënter dem 5. März 2023 a Kraaft.

Et sief gesot, dass och elo scho regional Konventiounen an dëser Matière existéieren, esou zum Beispill d'Konventioun iwwert d'Unerkennung vum Héichschulqualifikatiounen an Europa, déi 1997 zu Lissabon adoptéiert ginn ass. Dës nei global Konventioun versicht dann och net, fir déi regional Konventiounen ze ersetzen, mee fir de besteende Kader an deem Kontext ze kompletéieren, ze ergänzen. De Sënn heivunner ass et, fir iwwert d'Afféierung vu generelle Prinzippien eng gréisser international Mobilitéit vum de Studenten, Fuerscher an de Salariéen ze favoriséieren an d'Recht op eng fair, equitable an transparent Unerkennungsprozedur vum auslännesche Qualifikatiounen ze promouvéieren.

Den Zweck, dee soll erfüllt ginn, besteet doranner, fir e feste Kader fir d'Unerkennung vum Héichschulqualifikatiounen op der Échelle mondiale, also weltwäit, ze schafen an domat d'Vepflichtungen, déi sech elo schonn aus de regionale Konventiounen erënn, op e globalen Niveau auszewäiten, soudass eeben dës Prinzippien och bei deene Länner kënnen promouvéiert ginn, déi nach keng regional Konventioun, wéi zum Beispill d'Konventioun vu Lissabon fir den europäesche Raum, ënnerzeechent haten.

Et schwätzt näischt dergéint, dass Lëtzebuerg och déi global Konventioun ratifiéiere kann a soll. Um Niveau vum Héichschulwiesen erfëlle mer elo schonn déi verschidden Unerkennungsprinzippien, déi an der Convention mondiale festgehalen sinn, soudass hei keng Upassunge musse virgeholl ginn. Dat géllt och fir nei Elementer an dëser globaler Konventioun, déi den neien Approchen a Weeër a Saachen Héichschulqualifikatiounen wëlle Rechnung droen. Ech géif se kuerz ernimmen.

Dat betrëfft d'Evaluatioun no de selwechte Krittäre fir Qualifikatiounen, déi eng Persoun iwwer sougenannt traditionell oder eeben net traditionell Léierweeër erreecht huet. Eis Prozedur fir déi akadeemesch Unerkennung mécht hei keen Ënnerschied an deem Sënn,

dass mir all Diplom unerkennen, deen am Land, an deem dësen Diplom eeben ausgestallt gouf, als Deel vum Héichschulsystem unerkannt ass.

Dann en zweete Punkt: Dat géllt och fir d'Unerkennung vum Diplomer am Kader vu gemeinsamen internationale Programmer an zum Schluss géllt et och fir d'Unerkennung vum Acquisen, déi ee schonn am Virfeld gesammelt huet, dëst via de System vum der sougenannter Validation des acquis de l'expérience, wou ee sech besonnesch seng professionell Erfarunge kann ënner bestëmmten, gewëssene Bedéngungen urrechnen loosse.

Deen eenzege klengen Ënnerschied zu de Konventiounen, wéi se bis ewell bestanen hunn, ass deen, datt bis dato just eng Beschreiwung vum de Qualifikatiounen huet mussen existéieren. Elo gétt dat erweidert op eng komplett Beschreiwung vum de Résultats d'apprentissage vum deene verschiddene Studieprogrammen.

Wat elo d'Unerkennung vum Diplomer aus dem Enseignement secondaire ubelaangt, also Niveau Première, Bac, ass et aktuell esou, dass den Educatiousministère bis dato den Ënnerschied gemaach huet tëschent deene Länner, déi d'Konventioun vu Lissabon oder och déi vu Paräis ënnerzeechent haten, an deenen, déi dat net gemaach hunn. Mee och Diplomer aus Drëttstaate ginn elo schonn evaluéiert. Dat bedeit also, dass d'Konditiounen vum der globaler Konventioun och zu dësem Ablack schonn erfüllt sinn. An Zukunft wäerten also Diplomer aus Länner, déi zwar net déi europäesch Konventioun ratifizéiert hunn, mee déi nei global Konventioun, no den nämmechte Krittäre wéi déi europäesch Diplomer behandelt ginn.

Léif alleguer, e weideren interessante Punkt, deen an der Kommissioun ervirgehewe gouf an deen och wichteg ass, ass virun allem deen, dass dës akadeemesch Unerkennung vum Titelen net ze verwieselen ass mat der professioneller Unerkennung vu Qualifikatiounen am Kader vum de reglementéierte Berufler, wou et also ëm den Zougang, ëm den Accès vum deene Berufler geet.

Här President, zum Schluss nach e kuerzt Wuert zum Avis vum der Handelskummer, der Chambre de Commerce. Si huet an hirem Avis prezisiéiert, dass et wichteg ass, souwuel déi legal wéi och déi administrativ Exigenzen am Kader vum der Unerkennung vum den Diplomer ze vereinfachen. Dëst géif besonnesch den Accès op den Aarbechtsmaart fir vill Leit vereinfachen an och déi geografesch Mobilitéit vu ville Leit, och vum de Schüler a Studenten, begünstegen.

Fir all weideren Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Den Accord vu menger Fraktioun soll ech jo separat ginn, Här President, dofir géif ech gär den nom CSV-Riedner schwätzen. Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert. Madamm Modert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, d'Mobilitéit vu Studenten ass haut ëmmer méi grouss an natierlech ass dat hei zu Lëtzebuerg nach vill, vill méi de Fall, zanter éiweg, mat ganz ville Studenten aus Lëtzebuerg, déi jo am Ausland studéieren.